

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Oktober 2017

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister weiderzeleeden.

Am Zweete Weltkrich gouf Lëtzebuerg vun Däitschland iwwerfall a besat. Déi Groussherzoglech Famill an déi meescht Ministere goungen an den Exil. Duerch d'Rassepolitik vun der Nazi-Ideologie goufen dausende vu Judden tëschent Mee 1940 an dem Summer 1941 gedrängt, Lëtzebuerg ze verloossen. Duerno sinn déi Judden, déi dunn nach am Land woren, bis op e puer Ausnamen a Konzentrationslager deportéiert an ermuert ginn.

Ee vun deene gréisste Problemer mat deenen déi Leit ze kämpfen haten, déi wollten oder hu missen d'Land verloossen, war d'Fro vun de Reesdokumenten an de Visaen. Den deemolege portugisesche Generalkonsul zu Bordeaux, de verstuerwenen Här Dr. Aristides de Sousa Mendes, huet op eng onendlech couragéiert Manéier Visaen ausgestallt, an dobäi och bewosst géint d'Instruktiounen vu senger Regierung gehandelt. Hien huet esou zéngtausende vu Mënschen d'Liewe gerett, dorënner vill Judden.

Et wor och de Generalkonsul, deen et erméiglecht huet, datt déi Groussherzoglech Famill konnt Visaen kréien. Weider hu vill Lëtzebuerger Staatsbierger, dorënner och jüddesch Matbierger, sech konnt dank der Hëllef vum Generalkonsul dem Grëff vun den Nazien entzéien.

D'Groussherzogin Charlotte huet hien an enger Deklaratioun vum 30. Juli 1960 gewierdegt. De Groussherzog Henri hat den Här de Sousa Mendes an enger Ried de 7. September 2010 bei senger Staatsvisitt a Portugal ernimmt.

Dee "portugisesche Schindler" ass 1966 vu Yad Vashem zu engem "Gerechten" erkläert ginn an op vill Manéiere gouf hien a Portugal an a Frankräich zënterhier geéiert.

An deem Kontext wéilt ech dem Här Staatsminister dës Froe stellen:

1. Ass d'Regierung sech de Meritte vum verstuerwenen Här Dr. Aristides de Sousa Mendes ëm eis Heemecht bewosst?
2. Ass d'Regierung der Meenung, datt Lëtzebuerg d'Udenken un de verstuerwenen Här Dr. Aristides de Sousa Mendes soll éieren a fleegen?

3. Denkt d'Regierung drun, konkret Initiativen ze huelen, fir de fréiere portugisesche Generalkonsul zu Bordeaux ze éieren, ouni deem säi couragéierten a selbstlosen Asaz d'Geschicht vun eisem Land liicht hätt kënnen anescht verlafen?
4. Wa jo, wéi eng Initiative géing d'Regierung envisagéieren?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten